n° 3085

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 13:33, 03/11/2020

Lëtzebuerg, den 03/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Interieur & Gesondheet weiderzeleeden.

Verschiddenen Etüden no kann de Sars-Cov-2 bis zu 9 Deeg op Uewerflächen aus Plastik, Glas oder Metall iwwerliewen. Dëst bedeit, datt de Virus dobaussen op eise Stroossen a fir méi präzis ze sinn, op eise Parkingen, präsent ka sinn. D'Parkaueren, bei deenen d'Armaturen jo meeschtens aus Plastik oder Metall sinn, funktionnéieren ganz gutt als "Brutkasten" vun esou Viren, well hei honnerten Leit pro Dag mat den Hänn dru ginn.

Bei verschiddene Parkaueren, bei deenen de Benotzer souguer seng Nummereplack muss op eng Tastatur aginn, ass d'Kontaktzäit tëschent den Hänn an der net desinfizéierter Uewerfläch oft nach méi laang. D'Risiken, sech de Virus also vun enger Parkauer matzehuelen, si ginn, ëmsou méi, wann sech bei verschiddene Parkauere Schlaange vu Leit bilden, fir ze bezuelen. Net jiddereen huet ëmmer een Desinfektiounsgel am Auto, soudatt een dann eben mat de potenziell infektiéisen Hänn aner Uewerflächen kontaminéiere kéint.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass et ugesiichts vun der Covid-19-Pandemie aktuell recommendabel, datt d'Leit Parkaueren benotze sollen?

2. Wär et net sënnvoll, bei de Parkaueren, wou een d'Nummereplaque vum Auto muss aginn, dës Funktioun bis op Weideres ze deaktivéieren?

3. Wär et net sënnvoll, dass bei all Parkauer och direkt een Difenktiounsgel disponibel wär?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

REÇU
Par Alff Christian , 10:12, 02/12/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 1er décembre 2020

Réf. : 835x47079

Concerne: Question parlementaire n° 3085 du 3 novembre 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de l'Intérieur et de la soussignée à la question parlementaire n° 3085 du 3 novembre 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant l'"Utilisation des parcmètres pendant la pandémie de la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n° 3085 du 3 novembre 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant l'"Utilisation des parcmètres pendant la pandémie de la Covid-19".

Et ass an der Tëschenzäit bewisen, datt de SARS-CoV-2 virun allem iwwer Drëpsen an Aérosolen déi beim Houschten, Néitsen, Schwätzen an Ootmen ausgestouss kënne ginn, iwwerdroe gëtt. D'Iwwerdroe vum Virus iwwer d'Upake vu verschiddenen infizéierten Uewerflächen déi duerno am Kontakt mat der Schläimhaut sinn, ass just e sekundären Iwwerdroungswee.

D'Liewensdauer vum Virus op Uewerflächen ass a villen Etuden analyséiert ginn; d'Majoritéit vun dësen Etude goufe bei Temperaturen zwëschen 20 an 23 Grad duerchgefouert, mat enger relativer Loftfiichtegkeet vu 35-40%. Intressant ass ze bemierken datt dës Experimenter op infizéierte Surfacen am Donkelen duerchgefouert gi sinn, déi also virun UV-Strahle geschützt waren. UV-Strahlen hunn nämlech antiviral Eegenschaften. D'Resultater vun dësen Experimenter kënnen also net 1 zu 1 op Parkaueren transposéiert ginn, wëll dës vill méi killen Temperaturen, den Wiederkonditiounen an dem Dagesliicht ausgesat sinn.